PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 2782

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/09/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

De 15ten September dierfen d'Kanner zu Lëtzebuerg erëm an d'Schoul. Den Educatiounsminister Meisch huet an dësem Kontext wärend enger Pressekonferenz säi Plang fir d'Rentrée 2020 präsentéiert. Trotzdeem bleiwen Onsécherheeten an Onkloerheeten bei den Elteren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat geschitt falls d'Elteren entscheeden, fir ee Kand mat engem vun den Haaptsymptomer, wéi zum Beispill Houscht oder 2 Niewesymptomer, an d'Schoul ze schécken? Wéi gi Situatioune gehandhaabt, wou d'Elteren eng aner Positioun vertriede wei d'Schoulpersonal?

2. Mussen d'Elteren an engem Verdachtsfall d'Kand direkt op de Covid-19 testen loossen oder kënnen si déi zwee Deeg ofwaarden, an d'Kand doheem halen, ouni een Zertifikat vum Dokter fir d'Schoul an d'Aarbecht?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2782 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Eltere si vum Schoulpersonal opgefuerdert ginn, hir Kanner net an d'Schoul ze schécken, wann se een Haaptsymptom oder zwee Niewesymptomer am Kontext vum Covid-19 presentéieren.

Am Fall, wou e Kand trotz dëse Symptomer an d'Schoul géif kommen, oder wou déi Symptomer sech an der Schoul géife manifestéieren, gëtt d'Kand an der Schoul isoléiert, an d'Eltere gi gebieden, d'Kand ofzehuelen.

D'Erfarungen, déi um Enn vum leschten an um Ufank vun dësem Schouljoer gemaach goufen, weisen op eng gutt Zesummenaarbecht tëscht Schoul an Elterenhaus hin. Bis haut sinn dem Ministère keng Fäll bekannt, wou et zu esou engem Konflikt tëscht Elteren an der Schoul komm wier. Fir de Fall, datt Eltere widderhuelt hir Kanner an d'Schoul schécken, obwuel se krank sinn, wäert de Ministère iwwert den Dispositif vun der Aide à l'enfance et à la famille aktiv ginn.

**Ad 2)**

Bei engem Verdachtsfall sinn d'Elteren opgefuerdert, all weider Demarchë mat hirem Hausdokter ze definéieren. Fir d'Certificats de maladie gëllen déi Reegelen, déi och soss en vigueur sinn. D'schoulesch Instanzen hu keng Kompetenzen am Beräich vun der d'medezinescher Behandlung vu Kanner a Jugendlechen.